N°3645
Entrée le 16.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 3645 vum 11. Februar 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wéi héich ass de Undeel vun de Bauelementer vun der Ettelbrécker Gare, déi nom Ofrëss geséchert goufen a weidergenotzt ginn ?**

Sämtlech Fassadesteng, déi historesch hëlze Bannentrap, Fënsterelementer an Dunne vun der Charpente goufen uerdentlech ofgebaut a konservéiert. D'Encadrementssteng vun de Fënsteren an Diere goufen eenzel nummeréiert an op Pallette stockéiert, a sämtlech Beschëlderungen, Aueren an den historesche Lavabo vum Quai, esouwéi d'Signaltechnik sinn eenzel ofgebaut ginn a goufe fachgerecht gelagert.

Et ass geplangt fir déi uewegenannte Baudeeler am zukünftege Centre national pour le patrimoine ferroviaire - Zuchmusée zu Péiteng z'integréieren.

Och Beschëlderungen, Signaltechnik oder soss Elementer déi op aner Gare fort kommen, ginn an Zesummenaarbecht tëschent der CFL an dem INPA inventariséiert an en vue vun enger eventueller Integratioun am Zuchmusée gesammelt.

2. **Wien sinn d'Abnehmer vun de geséchertе Bauelementer?**

D'Abnehmer vun de geséchertе Bauelementer vun der Ettelbrécker Gare sinn d'CFL an den INPA, déi de Projet Zuchmusée zesummen entwéckelen a bauen.

Lëtzebuerg, den 16.03.2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill